



► **M. le Président.**- Ass d'Chamber mat dësem ofgeännerten Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dann huet den Här Alex Bodry d'Wuert gefrot fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

## 6. Dépôt d'une proposition de loi par M. Alex Bodry

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Merci, Här President. Kollegeinnen a Kollegen, ech géif hei eng Proposition de loi déposéieren iwwert d'Emännerung vum Wahlgesetz vun 2003 respektiv d'Publikatioun vu Meenungsëmfroen. Ech wär frou, wann d'Chamber géif d'Recevabilitéit vun där Proposition de loi elo hei unerkennen, sou dass se kann op den Instanzewee geschéckt ginn.

**6407** - Proposition de loi relative à la publication des sondages d'opinion et portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Ech huelen Akt vun deem Dépôt vun där Proposition de loi.

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung. Laut Artikel 83 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir dorobber ze äntwerten. D'Froee kommen ofwieselnd vun der Majoritéit an der Opposition.

Als Éischt hu mer d'Fro N°145 vum Här Roger Negri un den Nohaltegkeetsminister iwwert d'Cargolux an eng eventuell Kapitalerhéijung. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

## 7. Heure de questions au Gouvernement

- **Question n°145 du 6 mars 2012 de M. Roger Negri relative à la stratégie du Gouvernement concernant la Cargolux et une augmentation éventuelle du capital de cette société, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures**

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci, Här President. Här President, bei der Cargolux ass no leschte Presseberichten Dampf an der Kichen an d'Gerüchtekichen, déi kacht. De Moment huet Qatar Airways 35% vum Kapital vun der Cargolux. Dem „Lëtzebuerger Wort“ no vum leschte Samschdeg kéint duerch eng Kapitalaugmentatioun dësen Undeel op 49% eropgoen. Am Communiqué vum OGB-L vun haut gëtt zousätzlech gefaart, dass duerch d'indirekt Participatioun vum Finanzfond Precision Capital aus dem Katar an der Luxair de Katar um Enn 55% vun der Cargolux kéint iwwerhuelen an domadder sech eng Korinth vun der Lëtzebuerger Ekonomie eraspicke kéint, eng Aart zweet Mittal.

A wann een héiert, wat den CEO vu Qatar Airways, den Akbar Al Baker, an Hisiicht op d'Cargolux sot an de flightglobal.com, dass e wëilt bei der Cargolux aner Säiten opzéien - ech zitieren hei aus dem „Tageblatt“: „Sie sind 25 Jahre länger im Geschäft als wir. Aber es ist wichtig, dass die Kultur und die Art und Weise, wie das Geschäft geführt wird, in einer anderen Weise abläuft. Die Zeiten haben sich geändert, ihr Geschäftsmodell jedoch nicht.“ Bei der Cargolux mat 1.200 Salariéen, mat hirem Impakt op d'Luxair mat hiren 2.500 Salariéen, geet et also deemno hei och ëm d'Zukunft vun 3.700 Aarbechtsplazen.

Dofir, Här Minister, meng Fro un Iech: Ass eng Augmentation de capital en vue, sinn d'Konditiounen dofir ginn?

Ech géif Iech Merci soen am Virus fir Är Äntwert.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Negri Merci, an d'Wuert kritt den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*- Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech awer e puer méi generell Wieder soen iwwert d'Situatioun vun der Aviatioun iwwerhaupt. Dir wësst, dass mer an där leschter Woch an der Chamberskommissioun eng Debatt haten iwwert de Flughafen, iwwert d'Aviatioun en général, an Dir wësst och déi Zuelen, déi dat lescht Joer 2011 geprägt hunn: de Flughafen, dee 705.000 t Fret ronnt accueilliéiert huet d'lescht Joer, am Joer 2010, déi 2011 op 656.000 t, dat heescht minus 7% am Fret

erofgange sinn, Mouvementer vun der Cargolux, déi zwar ëm 1,6% eropgaange sinn, mä op där anerer Säit en Tonnage, deen ëm 7,4% erofgaangen ass bei enger Cargolux, déi ronn 70% vum traitéierte Fret um Flughafen ausmécht.

Dat am Kader vun enger, oder weinst enger ganz, ganz schwiereger ekonomescher Situatioun, déi net nëmmen d'Cargolux betrëfft, mä déi am Fong weltwäit de Cargo-Transport, de Fret betrëfft an déi am Allgemengen an der Fligerei ganz grouss Problemer an der leschter Zäit geschaaft huet. Et brauch een nëmmen d'Zeitungen ze liesen, europawäit, weltwäit, fir ze wëssen, wéi grouss déi Problematik am Allgemengen ass.

Et ass eng riseg grouss Konkurrenz um Marché, et ass manner Fret ze transportéiere gewiescht d'lescht Joer. Dat dréckt direkt op d'Präisser an et ass eng Noutwendegkeet vun der Kompetitivitéit do. Et ass och zu Lëtzebuerg - an dat muss een och soen - eng grouss Konkurrenz vun de Flughäfen, déi an der Émgéigend hei leien. Dir wësst, dass Flughäfe wéi Léck, dass déi direkt Konkurrenz an ewell am Fret-Beräich fir Lëtzebuerg sinn, mat enger Rei Avantagen, wéi zum Beispill d'Nuetsfluch, déi erlaabt sinn, an ech wollt just eng Kéier dat Émfeld beschreiben, fir ze wëssen, iwwer wat mer schwätzen.

Derbäi kënnt, dass mer an deene leschte Joren - dat wësst Der och: déi ganz Froe vun Anti-Trust respektiv enger Kris 2009, déi och d'Cargolux sengerzäit beträff huet - an engem ganz, ganz schwierigen Émfeld eis bewegen.

Ech wëll och ee Wuert soen iwwert d'Transparenz, déi jo ganz oft hei anzwousch anescht gesot gëtt an där Diskussioun, fir am Fong dat hei ze soen: dass d'Cargolux eng Privatgesellschaft ass an engem héich konkurrenzellen Émfeld an dat ee muss ganz gutt oppassen, wéi ee sech dowéinst an der Öffentlechkeet ausdréckt, d'autant plus, dass de Stat net direkt Aktionär ass an der Cargolux, mä nëmmen indirekt duerch d'Luxair, d'SNCI an d'Spuerkeess.

Ech wëll och soen, dass d'Administratoren, déi an der Cargolux sëtzen, och wa se vu Gesellschaften dohinner geschéckt sinn, déi majoritär dem Stat gehéieren, awer gesetzlech un d'Confidentialité gebonne sinn an och net d'Inhalter vun engem Pacte d'actionnaires révéléiere kënnen, well do Clause-de-confidentialitééen drastinn. Ech wëll dat just eng Kéier beschreiben, fir ze soen, wéi schwierig déi Diskussioun awer ze féieren ass.

Op d'Fro, déi Der gestallt hutt, wëll ech dat hei soen. Op d'Fro, déi Der gestallt hutt, an op Basis vun deem internationalen Émfeld, wat ech virdu beschriwwen hunn, wat extrem schnell changéiert a wou d'Cargolux och concernéiert ass mat ekonomeschen Evolutiounen, déi net nëmmen an Europa, mä och zum Beispill an Asien stattfannen, op Basis vun deem internationalen Émfeld ass et haut extrem schwierig ze soen, ob d'Cargolux eng Augmentation de capital an dësem Joer brauch oder net.

Op jidde Fall ass et esou, dass um Dag vun haut weder d'Regierung nach déi staatlech Aktionäre mat enger direkter Demande, fir elo eng Augmentation de capital ze maachen, konfrontéiert sinn. Kënnt esou eng Diskussioun iwwer eng Kapitalerhéijung, dann ass et kloer, dass d'Chamber, dass d'Kommissioun och um Lafende gehale gëtt. An et ass och ganz kloer, dass d'Personal doriwuer informéiert ass. Schlussendlech huet d'Personal fënnf Leit an dem Board sëtzen, an et gëtt selbstverständlech an deem dote Fall och Prozeduren, wou de Comité mixte informéiert gëtt.

Wichtig awer ass, dass d'Cargolux als Gesellschaft sech d'Méiglechkeet gëtt, fir an deem extrem konkurrenzellen, an deem extrem kompetitiven Émfeld sech duerchzusetzen. Dat Émfeld changéiert dauernd an ass haut anescht, wéi et virun e puer Joer war. An e Betrib wéi d'Cargolux muss - an huet dat och an deene leschte 25 Joer gemaach - sech dauernd op nei Défien astellen a sech selwer ëmmer erëm iwwerkucken, fir sech ze verbessern.

An ech hunn och gelies, wat den CEO, den Här Reimen, vun der Gesellschaft an Interviewen, déi e ginn huet, gesot huet: Hien ass amgaang, d'Cargolux ass amgaang, hire Businessmodell ze iwwerkucken. Se sinn amgaang, hir Flott ze iwwerkucken, an ech mengen, dat ass och de richtege Wee fir d'Cargolux, fir sech an deenen nächste Joren op d'Zukunft virzubereeden. Dat ass dat, wat ech haut wollt op déi dote Fro äntwerten.

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Elo komme mer zu der zweeter Fro vun haut de Mëtteg, nämlech d'Fro N°146 vum Här André Bauler un d'Erzéiungsministesch iwwert den Tutorat an den Travail personnel. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n°146 du 5 mars 2012 de M. André Bauler relative à la mise en œuvre du tutorat et du travail personnel dans le cadre de la réforme de l'enseignement secondaire et secondaire technique, adressée à Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Ech wollt eng Fro un d'Madame Minister vun der Éducation nationale an der Formation professionnelle stellen. Am sougenannte fréieren Neie Lycée, am Lycée Ermesinde, gi schonn haut zwee Volete vun der geplangter Schoulreform am Secondaire praktizéiert: engersäits den Tutorat an anersäits den Travail personnel.

Meng Fro ass, ob schonn eng Evaluatioun vun dësen zwee Elementer gemaach ginn ass. Wa jo, wat sinn d'Resultater vun dëser Evaluéierung? Wann neen, wéi kënnt et, dass dës Volete mat der geplangter Reform elo solle generaliséiert ginn?

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bauler. D'Madame Erzéiungsministesch kritt d'Wuert.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President. Den Här Deputéierten huet zwou Mesuren erausgeholl, déi an deene proposéierten Texter sinn, vun deenen ech hei nach eng Kéier wëll ganz offiziell soen, dass déi Texter jo de Moment fir Avis a bei all de Partner vun der Schoul sinn, an dass all Mesure, déi hei proposéiert gëtt, nach ze diskutéieren ass. Ech wollt dat hei eng Kéier ënnersträichen.

Da frot Der, firwat Tutorat a firwat Travail personnel.

Den Tutorat ass eng Mesure, déi an de PROCI-Projete fir d'Éischt zu Lëtzebuerg generaliséiert gouf, also an deene Schoulen, déi am PROCI, am „Projet cycle inférieur“, dra sinn, déi dee praktizéieren. An dat besteet jo doranner, dass d'Schüler vun der Septième op d'Huitième an dann op d'Neuvième automatesch - wann een dat esou ka soen - weiderginn ouni Redoublement, awer dass se ganz gutt encadréiert ginn, an zwar vun engem Tuteur.

Iwwert déi lescht Joren hunn ech ëmmer erëm hei héieren, ech misst endlech Konkusiounen aus de Projet-piloten zéien. An eng vun deene Propositionen ass eben, den Tutorat an deenen ënneschte Klassen ze proposéieren. Déi Mesure ass an der Zwëschenzäit och a ville Lycéeën, déi vu sech aus op de Wee gaange si vum Tutorat. Woubäi een allerdéngs muss soen, dass den Tutorat ganz verschidden interpretéiert gëtt, all Schoul eigentlech e Modell huet, wéi se hir Schüler wëllt encadréieren.

Dat ass also - fir dann op den Neie Lycée ze kommen - net eng Mesure, déi aus der Evaluatioun Neie Lycée erauskënn, mä aus der Evaluatioun vun Projet PROCI, dee säit 2004 an de Lëtzebuerger technesche Lycéeën esou praktizéiert gëtt.

Wat den Travail personnel ugeet, dat ass eng Proposition, déi aus den Diskussiounen erausgaangen ass, déi mer jo vun 2009 u mat de Schoule gefouert hunn, wou gesot ginn ass - an och mat de Studenten, déi gesot hunn -, et wär gutt, wann d'Schüler méi selbststänneg géife léiere schaffen, dass se an eegener Initiativ an iwwer eng gewëssen Zäit eng Aarbecht géife maachen.

Deen Travail personnel gëtt et jo an där Form am Bac international. Do heescht et „extended essay“. Déi hunn dat vun Ufank un dran. A mir hunn eis do inspiréiert och an der Schwäiz. An de Schwäizer Gymnasië gëtt et säit ronn fënnf Joer d'Obligatioun fir all Schüler, fir am Lycée esou eng perséinlech Aarbecht ze maachen.

Den Travail personnel, ënnert där doter Form, ass am Neie Lycée net evaluéiert ginn, well déi éischt Schüler jo elo dëst Joer eréischt op Première sinn, a mir proposéiere jo déi perséinlech Aarbecht do op der Deuxième ze maachen an där Envergure. Dofir ass d'Äntwert op d'Fro, ob dat evaluéiert ginn ass am Neie Lycée... Dir wësst, et ass eng Evaluatioun am Neie Lycée gemaach ginn d'lescht Joer. Mä do war dësen Deel nach net dran, an dofir hu mer eis net op déi Expérience beruff, fir dat do ze proposéieren.

Nach eng Kéier: Déi Saache sinn elo de Moment an der Diskussioun an ech waarden op d'Avisen dozou.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Erzéiungsministesch. Mir kommen elo un d'Fro N°147 vum Här Gast Gibéryen un den Innen-

minister iwwert d'Evakuatiounspläng bei engem Tëschefall zu Cattenom. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n°147 du 6 mars 2012 de M. Gast Gibéryen relative au plan d'évacuation en cas d'un incident majeur à la centrale nucléaire de Cattenom, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région**

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Ech mengen, d'Atomzentral Cattenom, déi ass iwwer Jorzéngten hei zu Lëtzebuerg an enger permanenter Diskussioun, a sécherlech no Fukushima, an an deene leschte Wochen a Méint ass déi Debatt ëmmer aktuell bliwwen. Net méi spët wéi gëschter, mengen ech, hu mer d'Resultater vun engem Stresstest kritt, deen dräi Regierungen maache gelooss hunn a wou laut deem Stresstest d'Atomzentral vu Cattenom am Fong duerchgefall ass. De Kolleg Eugène Berger stellt am Kader vun dëser Debatt haut de Mëtteg méi eng spezifesch Fro dozou. Duerfir ginn ech dorobber net an.

Meng Fro, déi geet méi spezifesch dorobber - vill Leit stelle sech d'Fro: Wat geschitt am Fall, wou mer eng Kéier zu Cattenom wierklech eng Katastroph hätten? De Super-GAU? Wouhinner gi mer dann evakuéiert als Lëtzebuerger? Mir wëssen alleguerten, wann dat eng Kéier géif virkommen, dass dat praktesch Lëtzebuerg vun der Landkaart géif gestrach ginn.

Ech hunn duerfir schonn d'lescht Joer hei de 7. Abrëll am Kader vun der Lag vun der Natioun déi Problematik opgeworf. Den Här Statsminister huet deemools hei geäntwert, dat misst een an engem anere Kader kucken. Ech hunn et dann den 13. Oktober bei enger Aktualitéitsdebatt vun der DP iwwert d'Sécherheetsmoossnamen zu Cattenom nach eng Kéier opgeworf. Och do ass et keng kloer Äntwert ginn.

An ech hunn de 27. Abrëll d'lescht Joer eng Question parlementaire gestallt, wou ech och nach eng Kéier op déi Problematik higewisen hunn. Deemools ass mer geäntwert ginn, et géifen eng Rei vun internationalen Ofkommesse kommen, souwuel mat Däitschland, Frankräich an der Belsch.

Mäi Kolleg Jean Colombara huet och an déi Richtung eng Fro gestallt, mä mir hunn ni eng kloer Äntwert kritt, wat dann an der Realitéit geschitt, wa mer eng Kéier esou eng Katastroph zu Cattenom krien. Duerfir wëll ech déi Fro haut nach eng Kéier stellen, dass mer eis net kënnen dermat zefridde ginn, dass d'Regierung seet: „Mir sinn amgaangen ze kucken. Mir hunn international Konventiounen.“ Ech mengen, d'Leit géife gär prezis wëssen, wann eppes zu Cattenom geschitt, wuer d'Leit da géifen evakuéiert ginn.

Den Här Statsminister huet mer op meng Question parlementaire vum 5. Mee d'lescht Joer geäntwert, hien hätt den Haut-Commissariat à la protection nationale dermat chargéiert, déi Evakuatiounspläng nach eng Kéier ze iwwerkucken, gegebenenfalls ze iwwerschaffen an Hisiicht vun den Erkenntnisser, déi gewonne si gi mat der Atomkatastroph zu Fukushima a Japan.

Wéi gesot, dass ass elo praktesch schonn erëm e Joer hier. A mir mengen awer, dass d'Regierung hei elo endlech misst de Leit am Land soen, wann eppes zu Cattenom geschitt, wat dat fir Konsequenzen hätt. Ech schwätzen elo nëmme vun der Populatioun. Ech schwätzen net vun deenen anere wirtschaftlechen oder administrative Konsequenzen, déi dat fir d'Land hätt, mä reng vun de Konsequenzen, wuer d'Leit dann evakuéiert ginn, wa mer esou eng Katastroph krien.

An der Äntwert op déi Question parlementaire huet de Statsminister gesot, dass eng vun de Méiglechkeete wier, dass ee géif d'Leit zum Beispill: «une mise à l'abri de la population est d'ailleurs plus efficace qu'une évacuation», a verschiddene Punkten. Ech ka mer net virstellen, dass mer zu de Leit soen, wann eppes geschitt: „Huelt d'«Lëtzebuerger Wort» a gitt an de Keller. Maacht dat gutt naass a stiecht dat ronderëm d'Fënsteren an d'Dieren an da waart Der, bis Der nei Informatiounen kritt.“

Ech mengen, d'Leit hunn e Recht drop gewuer ze ginn, wann eppes zu Cattenom geschitt, wuer se evakuéiert ginn. Ech mengen, et wier elo esou lues a lues deen Zäitpunkt komm, dass d'Regierung hei soll kloer Faarf bekennen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. D'Wuert kritt elo den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.